LES SACRIFIÉS

Bulletin officiel du Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé




Foto: M.-A. Thommes

1 2013
Januar
53e année

# *Dir sidd net vergiess!*

## Neit Monument zu Rada (Tambov)

Massaker vu Sonnenburg

# Programm vun der Veillée

## Sonndeg 3. Februar 2013

**14.30 Auer um Kanounenhiwel**

1. D'Fuendelsdréier stellen sech hanner der Flam op
2. Blummenidderleeung
3. Sonnerie aux morts
4. Ons Heemecht

**15.00 Auer an der Krypta vun der Kathedral**

1. 91 Käerzen gin ugefang, déi di 91 Affer symboliséieren
2. *„Nu loss et an dir stëll gin“* (Albert Elsen / Jos. Kinzé
3. Message vun der Federatioun vun den Zwangsrekrutéierten
4. *„Reste avec nous“* (orig. englische Vespergesank / William Monk)
5. Projektioun vun de Fotoen vun den Affer
6. Gedenkminutt
7. *„Wirf dein Anliegen auf den Herrn“* (aus Elias / Felix Mendelssohn-Bartholdy)
8. Gebied vum Chanoine André Heiderscheid
9. *„Ons Jongen“* (René Schmit / arr. Gilbert Kohn)
10. Ons Heemecht

De gesanglechen Deel get ausgefouert vum Ensemble vocal *Akabella*, ënner der Directioun vum H. Gilbert Kohn. Op der Uergel begleet d'Mme Marie-Josée Hengesch.

# Der Hölle von Sonnenburg entronnen …

Die sowjetischen Truppen standen im Sommer 1944 an der Weichsel. Das Gefängnis von Radom musste von den Deutschen evakuiert werden. Mit einem Personenzug fuhren wir bis Lovice. Von hier aus fuhr kein Zug mehr nach Westen und so marschierte das Strafkommando per pedes in Richtung Westen. Sonnenburg liegt im Westen.

In der Nacht vom 17. auf den 18. Januar hatte der Oberfeldwebel die Strafgefangenen in einer Schule untergebracht. Dieser Wachhabende musste auf den Abort-WC. Ich war wach und weckte meinen elsässischen Kameraden, Henri Bernard aus Bischheim bei Straßburg. Seelenruhig und unauffällig schritten wir durch den Korridor. Niemand hinderte uns. Man musste uns für Wachmannschaft halten.

Als wir circa 150 Meter zurückgelegt hatten, standen wir vor einem polnischen Hause mit Strohdach. In der Schultür, die beleuchtet war, erkannten wir den Oberfeldwebel mit einem Schäferhund. „Wer hat hier den Saal verlassen?“ schrie er in die Nacht. Mit einem schrecklichen „Verflucht und zugenäht“ zog er sich mit dem Polizeihund in den Schulraum zurück. Wir verbrachten die Nacht in dem polnischen Haus, das nur von einer alten Frau bewohnt war.

Am anderen Tag zogen die Russen in Piontec ein. Bis dahin hatten wir uns im Niemandsland aufgehalten. Die Sowjets hatten sich weiter nach Westen begeben und nur ein paar Besatzungssoldaten zurückgelassen, darunter die Küche.

Wir begaben uns zu einem älteren russischen Soldaten und erklärten ihm, dass wir uns ergeben würden. Er schälte Kartoffeln für die Kompanie. Am späten Nachmittag übergab er uns beide an eine russische Einheit.

Das Strafkommando nahm anderntags höchstwahrscheinlich den Weitermarsch in Richtung Sonnenburg auf. Ich bin überzeugt, dass der Elsässer Henri Bernard und ich durch unsere Flucht dem Massaker vom 30. Januar entronnen sind.

**Julien Coner, Howald**

**März 2012**

## Tambov, 26. September 2012

# *1943-1945*

## *Als Erënnerung un eis zwangsrekrutéiert Jongen, Affer vum Nationalsozialismus*
## *DIR SIDD NET VERGIESS*
## *D'Lëtzebuerger Regierung*

Dest ass den Text um neie Monument, wat de Premierminister Jean-Claude Juncker de 26. September 2012 op der Gare vu Rada bei Tambov ageweit huet. Hie war dobäi begleet vum Wirtschaftsminister Etienne Schneider, vum President vun der *Amicale des Anciens de Tambov* Gast. Junck, de Komiteesmemberen a fréier Tambover Jean-Pierre Dohm, Jos. Steichen a Raymond Thommes, dem Direkter vum *CDREF* Steve Kayser an der Presidentin vum *CDSEF* Marie-Anne Thommes. Präsent waren och de Gouverneur vun der Regioun Tambov Oleg Betin, den deemoligen russischen Ambassadeur zu Lëtzebuerg Alexander Shulgin, de lëtzeburger Ambassadeur zu Moskau Pierre Ferring an aner lokal Autoritéiten.

Des Visite zu Tambov war Deel vun enger politischer a wirtschaftlecher Rees vun enger gréisserer Delegatioun op Moskau, Tambov a Kazan (Tatarstan).

De Premier huet vun Ufank un drop gehal, dat Monument, wat virun 2 Joër bei sengem Treffen mam russesche President Vladimir Putin zu Sotchi definitiv decidéiert gouf, selwer anzeweien. Fir di *Tambover* war des Aweiung e glécklechen Ofschloss vun engem laangen a schwierege Parcours.

An dene leschten 2 Joër huet den Direkter Steve Kayser d'Zesummenaarbecht mat der lëtzebuerger Regierung, den Autoritéiten vun Tambov, der russescher Botschaft zu Lëtzebuerg an der lëtzebuerger Botschaft zu Moskau, dem Architekt Garboutchev, der Firma Dohm an der Amicale vun den Tambover koordinéiert.



*Eis 4 Veteranen mat 3 vun hire russischen Leidensgenossen, dem Premier Minister Juncker an dem Gouverneur Betin beim Mahnmal „Ewige Flamme" zu Tambow* Foto: SIP




*Virum Musée de la Grande Guerre zu Moskau* Foto: SIP

Eng weider wichteg Etapp op deser Rees, déi als Héichpunkt d'Aweiung vum Monument hat, war e Besuch am Musée de la Grande Guerre Patriotique zu Moskau, wou den Direkter vum CDREF eng Konventioun tëschent dem Musée an dem CDREF ënnerschriwwen huet.

Zu Tambov war et en Iessen an en Empfank beim Gouverneur, während dem de Premier Minister der Natascha Viazovova den *Ordre de Mérite du Grand-Duché de Luxembourg – Chevalier* fir hir laangjäehreg Verdingschter un den *Tambover* iwwereecht huet. D'Visite as zu Enn gang mat engem Treffen mat de Studenten vun der Universitéit Tambov, déi dem Premier während enger Stonn ganz intressant Froë gestallt hun.

E besonnesche Merci si mer de Vertriéder vun der Presse schëlleg fir hir Berichter a besonnesch dem Jeannot Ries vun RTL, den di ganz Rees an engem fir d'Amicale immens wäertvollen Documentaire festgehal huet.

Marie-Anne Thommes



*Etienne Schneider, Steve Kayser, Jean-Claude Juncker, Jean-Pierre Dohm, Natascha Viazovova, Marie-Anne Thommes (v.l.n.r.)* Foto: SIP

## Ried vum Premier Minister Jean-Claude Juncker

### bei der Aweiung vum neie Momument zu Rada / Tambov

Monsieur le Gouverneur,

Monsieur le Ministre,

Messieurs les Ambassadeurs,

Chers représentants des Anciens de Tambov,

Mesdames, Messieurs,

Les hommes ont inventé la langue pour leur permettre d'exprimer des sentiments forts. Or, la langue ne connaît pas de mots suffisamment forts pour traduire ce que nous ressentons ce matin.

Il y a 70 ans, le 30 août 1942, l'occupant nazi a introduit l'enrôlement de force des jeunes Luxembourgeois dans les armées allemandes. La Deuxième Guerre mondiale, cette terrible guerre mondiale, a éloigné en les déracinant de leur patrie des milliers de Luxembourgeois qui devaient revêtir un uniforme nazi, qui n'était pas le leur. Cette guerre qui a brisé tant de biographies, qui a interrompu tant de rêves, qui a empêché aux jeunes d'être jeunes, a amené beaucoup de Luxembourgeois dans cette région de la Russie.

Aucun discours, aucun assemblage de phrases ne peut refléter le malheur et les sacrifices de ces jeunes Luxembourgeois.

Nous sommes ici pour honorer la mémoire de tous ces jeunes. Et nous sommes ici pour honorer la mémoire de ceux qui furent emprisonnés ici. Nous sommes ici pour les remercier pour ce qu'ils ont fait pour leur pays, pour leur patrie, pour leurs familles. Nous sommes ici pour célébrer en fait une toute dernière fois la fin de la guerre. Nous sommes ici parce que le génie des peuples européens nous a permis de mettre fin à ce funeste décret de l'histoire, qui voulait que l'Europe soit divisée en deux parties pour tout jamais.

Pour la première fois dans l'histoire des hommes, les hommes des générations postérieures ont su transformer cette éternelle prière d'après guerre «Plus jamais la guerre!», en un programme politique qui déploie ses bienfaits jusqu'à ce jour.

En fait cet endroit, qui pour nous est un endroit sacré, impose le silence. Mais nous n'avons pas le droit de rester silencieux. Nous devons dire et redire aux hommes d'aujourd'hui: Plus jamais la guerre!

Le monument que nous venons d'inaugurer est un monument de paix. Je voudrais remercier tous ceux dont le concours des volontés a fait que nous puissions être ici ce matin.

Nous sommes venus, oui, le cœur lourd, mais nous sommes aussi venus le cœur rempli de joie, parce que sont nées entre cette région de la Russie est mon pays des relations cordiales. Donc je voudrais remercier le gouverneur et les autres autorités de leur hospitalité remarquable. Promettons aujourd'hui solennellement de tout faire pour garder vive la mémoire !

J'aurais envie de m'adresser directement aux anciens prisonniers, mais en fait l'émotion m'en empêche. Je voudrais tout simplement leur dire le respect des jeunes générations. Et je voudrais leur dire qu'ils ne sont pas oubliés, et que nous sommes fiers d'eux.

Je voudrais que l'amitié entre la Russie et le Grand-Duché de Luxembourg perdure. Nous admirons de tout notre cœur la grande nation russe et le grand peuple russe, dont nous savons les sacrifices et les malheurs.

Vive l'amitié entre les peuples russe et luxembourgeois!

Merci!

SIP / 3.10.2012

# Discours de Oleg Betin, gouverneur de la région de Tambov

## lors de l'inauguration du nouveau monument à Rada / Tambov

***Interprétation consécutive du russe***

Monsieur le Premier ministre du Grand-Duché de Luxembourg,

les anciens combattants,

les invités d'honneur,

les participants à cet événement commémoratif.

Je suis très content de vous saluer dans la région de Tambov.

L'histoire des liens de la région de Tambov avec le pays situé au cœur de l'Europe a commencé pendant la seconde guerre mondiale. Et Monsieur le Premier ministre a déjà parlé de ça. Ici, non loin de la station de Rada, il y avait un des camps de détention des prisonniers de guerre et dans la ville de Kirsanov un hôpital spécial. A présent on sait pertinemment que ces gens ayant mis cet uniforme n'ont pas accepté l'idéologie des nazis. Au cours des procès de Nuremberg on a attribué la qualité de victimes du nazisme aux Luxembourgeois enrôlés de force. Plusieurs parmi eux ne sont pas revenus au Luxembourg, étant devenus les victimes de cette guerre tragique. D'après les données des archives d'État de la Russie au moment de la liquidation du camp numéro 188 le 15 septembre 1947, 165 Luxembourgeois sont morts et ont été enterrés au cimetière de Rada et 38 personnes à Kirsanov.

En somme les prisonniers de 49 nationalités étaient concentrés dans ce camp sur le territoire de la région de Tambov. Beaucoup d'eux sont restés sous la terre tambovienne. Notre pays a perdu beaucoup de gens au cours de cette guerre tragique. Il nous a fallu pas mal de temps pour que le souvenir des victimes de la seconde guerre mondiale réunisse les peuples de deux bouts du monde et de tout le monde entier.



*De Gast. Junck an de Raymond Thommes am Gespréich mam Gouverneur Oleg Betin* Foto: SIP

C'est en 1988 qu'a eu lieu la première visite officielle de la délégation du Luxembourg dans notre région. C'est au début des années 1990 qu'on a effectué beaucoup de recherches et pendant la période de 1995-1997 on a implanté deux plaques commémoratives au cimetière Pierre et Paul à Tambov et à Kirsanov.

Plus d'une fois les tamboviens ont accueilli chaleureusement la délégation des vétérans du Luxembourg qui ont dû passer par de rudes épreuves dans les années de la seconde guerre mondiale.

Avec les sentiments les plus tendres et une profonde reconnaissance nous nous souvenons de l'aide humanitaire de l'association des anciens prisonniers de guerre de Tambov, vétérans du Luxembourg, dans les années difficiles des grandes réformes dans notre pays.

Des années passaient et les liens humanitaires entre le Luxembourg et la région de Tambov devenaient de plus en plus forts. Aujourd'hui nous assistons à l'inauguration d'un monument commémoratif aux Luxembourgeois qui sont enterrés dans la région de Tambov. Ce monument symbolise toute la valeur de la vie humaine. Qu'il rappelle aux futures générations les souffrances, les misères et les malheurs qui accompagnent les guerres homicides. Les peuples différents doivent se réunir pour que les guerres ne se répètent jamais.

De ma part je voudrais vous assurer, Monsieur le Premier ministre, aussi bien que tous les membres de la délégation officielle, les représentants de l'amicale des anciens de Tambov, les vétérans de la seconde guerre mondiale, que cet endroit commémoratif sera digne de respect, d'attention et de soins constants des habitants de la région de Tambov.

Merci de tout, merci de votre attention.

SIP / 3.10.2012

# Usproch vum Gast. Junck, President vun der Amicale des Anciens de Tambov

## bei der Aweiung vum neie Momument zu Rada / Tambov



*Natascha Viazovova, Gast. Junck, Raymond Thommes, Marie-Anne Thommes, Botschafter Alexander Shulgin, Gouverneur Oleg Betin, Premier Minister Jean-Claude Juncker, Jos. Steichen, Botschafter Pierre Ferring, Minister Etienne Schneider, Jean-Pierre Dohm, Architekt Garboutchev (v.l.n.r.)*

Foto: SIP

Monsieur le Premier Ministre,

Messieurs les Ambassadeurs,

Monsieur le Gouverneur de la région Tambov,

Monsieur le Bourgmestre,

Messieurs Dames les invités d'honneur,

chers camarades,

Je voudrais d'abord remercier tous ceux qui sont impliqués dans l'érection de ce monument en l'honneur de nos camarades, des camarades qui n'ont pas eu la chance de survivre la Deuxième Guerre Mondiale.

Il y a en tout 173 de nos camarades qui sont restés sous la terre ici a Tambov et a Kirsanov. Eux, ils étaient la victime d'un système sadique, le „nazisme". Cette même bande qui avait envahi, contre toute décision mondiale, notre patrie en créant beaucoup de misère. Je peux dire qu'aucun autre pays ne peut mieux comprendre cette tragédie que le peuple russe, qui d'ailleurs avait subi le même sort que le Luxembourg.

Non seulement les nazis avaient occupé notre pays, mais ils voulaient entièrement germaniser notre peuple. Heureusement ils n'ont pas atteint leur objectif.

La seule chose qu'ils ont réussie, c'est de terroriser les gens par des décrets sadiques, allant jusqu'à l'enrôlement de force de la jeunesse luxembourgeoise, des garçons et des filles innocents, forcés de rentrer dans les organisations paramilitaires et militaires des nazis.

Toutes celles et ceux qui s'y opposaient ont dû voir leurs familles être prises en otage, afin d'être déportées dans des camps nordiques, dans des camps de déportation.

Pour sauver leurs familles, une grande majorité de mes camarades ont accepté le fardeau de mettre une uniforme qu'ils haïssaient et se sont retrouvés sur le front de l'Est en Russie.

Beaucoup de mes camarades se sont évades de l'armée „nazie" pour rejoindre le front russe. Inutile de dire que, ne parlant pas le russe, ceci était une chose très difficile. Quelques-uns ont tout de même réussi à s'intégrer dans l'armée russe ou ont même pu rejoindre les partisans et ainsi combattre l'armée allemande. A la fin de cette guerre, une majorité des Luxembourgeois enrôlés furent internés dans le camp de prisonniers 188, nommé „Camp de Tambov". Il suivit une période très dure, non seulement pour les internés du camp, mais aussi pour toute la population russe. Tout le monde était privé de nourriture, de médicaments et de vêtements. L'armée allemande sur son retrait avait tout détruit, villes, villages, récoltes et infrastructures.

Je dirais que c'est par miracle qu'il y a eu encore 1.000 personnes qui ont pu rentrer le 5 novembre 1945 au Luxembourg.

Au Luxembourg, il existe aujourd'hui une association qui s'appelle „Amicale des Anciens de Tambov". Elle a déjà entrepris plusieurs „voyages de remémoration" à Tambov et a également installé des plaques avec inscriptions aux cimetières de Tambov et de Kirsanov. En tant que Président de l'Amicale des Anciens de Tambov, je voudrais exprimer le contentement de tous nos membres envers l'engagement de notre Premier Ministre Jean-Claude Juncker d'avoir rendu possible, en accord avec le gouvernement russe, l'érection de ce monument en l'honneur de nos camarades.



Foto: SIP

# Ein bewegender Moment …

**von Natascha Viazovova**



Foto: M.-A. Thommes

Es war ein bewegender Moment, als die Kriegsveteranen aus Luxemburg mit der Tambover Fahne in der Hand, welche damals von ihnen in den Jahren der Gefangenschaft in Rada heimlich aus allen möglichen Stoffresten zusammengenäht worden war, an der Gedenkstätte zu Ehren der verstorbenen Kameraden im Stillen standen. Woran dachten sie? An wen erinnerten sie sich? An Freunde, Landsleute, die hier im Walde von Rada für ewig geblieben sind? Wer konnte es sich einmal vorstellen, dass genau an dem Ort, wo der Bahnhof ist und der Weg in den Wald führt, wo sich in den Kriegsjahren das Lager 188 befand, heute ein Denkmal errichtet würde?

Es war ein langer Weg von derjenigen Zeit bis zu diesem heutigen würdigen Ort. Gäste der Gedenkveranstaltung, Förderer, Korrespondenten, alle waren tief ins Herz getroffen.

Mehr als zwanzig Jahre (seit 1988) kenne ich viele Kriegsveteranen aus Luxemburg, die im Lager 188 bei Rada in Gefangenschaft während des Zweiten Krieges waren. Bis heute bleibe ich noch mit ihnen in Verbindung. Die Zeit schont uns nicht und das Leben hat eigene Gesetze. Alles hat seinen Anfang und sein Ende. Viele sind inzwischen nicht mehr da, aber die Hinterbliebenen bewahren in Gedanken ihre Lieben. Was bleibt, ist nicht nur individuelle Erinnerung, sondern auch die Aufforderung, die eindringliche Mahnung zum Frieden in den Mittelpunkt unserer Anstrengungen zu stellen.

Frieden in der Seele, in den Familien, in dem Heimatland, auf der ganzen Welt war immer das Motto und die Antriebskraft der Veteranen aus Luxemburg. Sie waren da, wo sie helfen konnten.

In der schweren Zeit der Umgestaltung unseres Landes wurde humanitäre Hilfe von der luxemburgischen Seite nach Tambov mit LKWs transportiert. Viele Transporte. Ich half damals bei der Entzollung und Verteilung an die verschiedenen Einrichtungen der luxemburgischen humanitären Hilfe in Tambov und Kirsanov, organisierte Treffen mit der Verwaltung in Tambov und Kirsanov. Überall waren Leute, die auch mitgemacht hatten. Damals arbeiteten wir wie ein Team. Meine Studenten waren auch dabei. Sie halfen bei der Ausladung der Transporte, halfen die medizinische Geräte zu steuern und standen als Übersetzer zur Verfügung.

Wir verstanden uns sehr gut. Es war eine freundliche Atmosphäre und jeder spürte die Schulter des anderen. Es war leicht und interessant mit den Veteranen zu sprechen. Sie erinnerten sich manchmal mit Humor an jene schreckliche Zeiten, dabei weinten und lachten sie. Es entstand unwillkürlich das Gefühl, dass man dich, diese Hilfe, diese Arbeit braucht, dass man im Freundeskreis ist und die Sorgen dieser Leute dir nicht fremd sind.

Mit den luxemburgischen Kriegsveteranen brachte ich einmal durch ganz Europa Krankenwagen und Arzneimittel nach Russland, die damals fehlten, für Kliniken, die kleinen Kinder und das Rote Kreuz. Mitgebracht wurde auch eine Ehrenplatte aus Luxemburg, die später auf dem Peter Paul Friedhof ihren Platz fand. Diese Stelle wurde von unserer Familie bis zur letzten Zeit gepflegt. Seit 2009 sorgen dafür die örtlichen Behörden.

Alle Jahre beteiligte ich mich an den offiziellen Empfängen des luxemburgischen Botschafters in Tambov und nahm 2006 aktiv an den Kulturwochen von Luxemburg teil; organisierte mit den Studenten für die Delegation aus Luxemburg ein Programm im Rachmaninov Museum und in Ivanovka, wo der russische Komponist lange Zeit lebte und komponierte; wurde 2007 auch in die luxemburgische Botschaft mit den Studenten zu einer Kulturwoche eingeladen; vermittelte den Kontakt zwischen der luxemburgischen Botschaft und der Musikhochschule von Rachmaninov, als Ergebnis dessen dem Jugendorchester Musikinstrumente von Luxemburg gespendet wurden.

Als Mitglied des Organisationskomitees zur Vorbereitung des offiziellen Besuches der Tambover Delegation mit dem Gouverneur arbeitete ich an den Archiven für das Museum in Diekirch und beteiligte mich an den Fernsehsendungen über die „Amicale des Anciens de Tambov“ für RTL (1992, 2005). Von der Luxemburger Regierung eingeladen, nahm ich 2005 an den Feierlichkeiten „60 Jahre nach dem Krieg“ in Luxemburg teil.


Im Jahre 2010 begleitete ich auch die offizielle Delegation der luxemburgi-

schen Botschaft und Kriegveteranen im Tambover Gebiet.

Dieses Engagement für die Luxemburger Veteranen bedeutete für mich Vieles. Ich versuchte, die Leute aus einem mir damals völlig unbekannten Land zu verstehen. Wie sie leben und denken und was sie bewegt? Wovon sie träumen und warum sie so grosszügig sind? Wie können sie alles verzeihen und stolz auf ihr Land sein? Wo finden sie Kräfte, um alles, was auf sie zukommt, zu bewältigen? Diese weißhaarigen Veteranen waren alle direkt von den Folgen des Zweiten Weltkrieges betroffen und haben trotzdem die Hoffnung auf die beste Zukunft nicht verloren! – Was für eine reine Quelle von Mut haben sie in ihren Herzen!

Ich darf nur dem Schicksal für diese Bekanntschaft, Lebenserfahrung und Freundschaft danken.

Die Auszeichnung, die mir von dem Premier Minister Jean-Claude Junker im September letzten Jahres überreicht wurde, ist eine sehr grosse Ehre für mich und dafür bin ich der Luxemburger Regierung und den Tambover Veteranen sehr dankbar. Jede Auszeichnung ist immer Verdienst vieler Menschen, die mitgemacht und mitgewirkt haben.


Nous Henri,
Grand-Duc de Luxembourg,
Duc de Nassau,

Sur le rapport de Notre Premier Ministre, Ministre d'Etat,
et après délibération du Gouvernement en Conseil;

Avons trouvé bon et entendu de nommer

Chevalier

de l'Ordre de Mérite du Grand-Duché de Luxembourg

Madame Natascha Vlazovova,
interprète.

Donné au Palais de Luxembourg, le 13 septembre 2012

# Meine Jugendjahre 1940-1945

## von Jos. Bausch †

### *Teil 9 (Fortsetzung aus der vorherigen Nummer)*

So marschierten wir bis Mittag und hatten einen km vor uns im Tal eine größere Ortschaft. Die Straße die wir wieder überqueren sollten war stark von russischem Nachschub befahren. So war für heute unser Marsch wieder zu Ende.Oben auf dem Berg waren Schützenlöcher und um nicht mehr lange hin und her zu laufen, legten wir uns in die Löcher zum Schlafen. Nur der Deutsche legte sich nicht und sagte: „Ich halte Wache, denn schlafen kann ich doch nicht.“ Was in dem vorging, habe ich erst eine Stunde später bemerkt.

Ich lag noch keine 10 Minuten, da schlief ich schon fest, die andern auch. Im tiefen Schlaf wurde ich geweckt, mit den Worten „aufstehen, Sie sind gefangen.“ Ich erhob mich langsam aus meinem Loch und rund herum standen 7 Soldaten, beritten zu Pferd und die Maschinenpistolen auf mich gerichtet. Dann befahl er mir, die Anderen zu wecken, doch bloß keine Dummheiten zu machen. Dann weckte ich die Anderen und schaute wo der Deutsche sei, doch der war verschwunden. Der Leutnant sah direkt was ich suchte und sagte: „Eure Wache ist abgehauen, doch den legen wir anschließend um.“ Jetzt sah ich erst, dass es lauter Rumänen waren und sagte dann zum Leutnant: „Sie kämpfen doch mit den Deutschen.“ „Ja, aber seit 8 Tagen gehen wir mit den Russen.“ Dann nahmen sie uns die Gewehre ab und unsere Armbanduhren, doch unsere Taschen durchsuchten sie nicht. Dann fragte unser Unteroffizier, ob wir in russische Gefangenschaft kämen. „Nein“, sagte der Leutnant, „unsere Gefangenen behalten wir.“ Uns fiel da schon ein Stein vom Herzen, denn die letzten Monate sollten die Russen keine Gefangenen mehr machen, sondern einfach umlegen.

Zwei Reiter gingen mit uns ins Dorf hinunter und die anderen ritten weiter, um unseren Wachposten, der uns im Stich ließ, aufzustöbern. Wir waren noch nicht im Dorf, da feuerte ein Maschinengewehr eine Salve heraus und so hatte es den Feigling doch erwischt. Der hatte gedacht, wenn sie die 3 haben sind sie zufrieden. Er wollte wirklich zurück zum Bauerngehöft, um dann dort zu bleiben, bis der Krieg aus sei. Die zwei Oesterreicher entschuldigten sich bei mir, dass sie mich vom Bauern wegnahmen und so dachte ich oft am Bauer seine letzten Worte die er uns nachrief. Als wir über die Straße mit unseren 2 Begleitern gingen, sprang ein russischer Soldat von einem Panzer herunter und schlug den Unteroffizier mit der Faust ins Gesicht und schrie “Hitler kaputt“, den letzten trat er noch mit dem Stiefel in den Hintern und lief dann seinem Panzer nach.

In einem Bauernhaus wurden wir von einem rumänischen Leutnant verhört und bekamen dann alle Taschen durchsucht. Die bekamen alle einen Schreck, denn jeder von uns hatte eine Handgranate in der Tasche und so hätten wir alle mit uns in die Luft jagen können. Ja, das hatten wir auch am Anfang besprochen: wenn wir von den Russen geschnappt werden, dann gehen die mit uns hoch. Ich hatte meine Identitätskarte noch im Brustbeutel, die legte ich dem Leutnant vor und erklärte ihm, dass wir Luxemburger von den Deutschen in die Wehrmacht gezwungen wurden, doch das ließ ihn kalt. In einer Küche wurden wir drei eingesperrt und einen Krug mit Wasser bekamen wir hingestellt.

Nach etwa 2 Stunden wurden wir einem russischen Soldat übergeben, er hatte kaum 17 Jahre, aber mit einer Maschinenpistole konnte er gut umgehen. Er führte uns zu einem anderen Haus, wo er mit einem russischen Offizier sprach; der gab ihm den Befehl,

mit uns weiterzugehen. Er ging mit uns an einem Bach entlang aus dem Dorf heraus, dann zielte er mit der Pistole auf uns und lachte; das einzige was er dabei sagte „Hitler kaputt“. Wir sagten uns untereinander, dass es wirklich unser letzter Gang sei und so Adieu sagten. Etwa 500 Meter weiter kamen wir bei eine Mühle, dort vor dem Haus mussten wir uns nebeneinander hinstellen. Ich schloss die Augen, denn ich war mit mir fertig und wartete nur darauf, dass die Maschinenpistole knattern sollte, doch es geschah nichts.

Hier in der Mühle war der russische Stab untergebracht und ein General stand vor uns, als ich die Augen wieder öffnete. Dann wurde einer nach dem andern über seine Einheit ausgefragt. Von dem Unteroffizier wollte er alles genau wissen, wie stark, wie viel Geschütze usw. Von unserem Artillerieregiment stellte er keine Fragen, denn das war ja ganz aufgerieben. Aber ich legte dem Major auch meine Karte vor und sagte, dass ich Luxemburger sei, doch seine Antwort war, so ein Land kenne er nicht. So kamen wir diesmal doch noch mit einem Schrecken davon. Wir hatten wieder frische Hoffnung, bei den Rumänen in Gefangenschaft zu bleiben.

Am anderen Tag waren wir schon etwa 40 Mann, die so nach und nach bei uns eingeliefert wurden: Deutsche, Oesterreicher, Rumänen, Ungarn und Polen, also international. Am 2. Tag gingen wir zu einem großen Geräteschuppen, hier sollte unser Gefangenenlager entstehen. Doch zuerst mussten wir uns mit 2 m hohem Draht einpferchen und unsere Strohsäcke füllen, denn in dem Schuppen mussten wir hausen. Jeden Tag kamen Neue zu uns, sodass wir nach 3 Wochen zu 500 Mann waren und unser Lager zu klein wurde. Die Rumänen waren gar nicht so streng mit uns, und sie ließen es sogar zu, dass Mädel bei den Zaun kamen und uns was zum Essen gaben, wie Obst und auch mal Brot. Eines Morgens bekamen wir Marschverpflegung für 6 Tage und ab ging die Post, aber nicht mit den Rumänen, sondern lauter Russen.

Das Programm lautete 40 km Marsch pro Tag, also kein Kinderspiel. Die ersten 2 Tage hielten alle durch. Wir hatten etwa 20 Wachposten mit, die einen zu Pferd, die andern mit ein paar Panzerwagen, wo die Wachposten ihre Verpflegung verstaut hatten. Immer auf dem freien Feld wurde übernachtet; dort ließ man sich einfach hinfallen, denn wir waren alle erschöpft. Ein jeder würgte was von seiner Marschration hinunter und versuchte zu schlafen. Am dritten Tag regnete es den ganzen Nachmittag und der Marsch ging weiter bis zum Abend.

Einigen Ungarn gelang die Flucht: wenn wir durch ein Dorf marschierten und in eine Ecke kamen, verschwanden sie in ein Haus rein, denn die Türen standen alle offen: Doch nur ein paar gelang es, die andern, die nur einen Meter aus der Reihe gingen, wurden umgelegt. Auch verscheuchten die Russen mit ein paar Schuss die Frauen, die uns was zu essen reichen wollten, sodass sich keiner mehr vor die Tür wagte.

An diesem Abend waren die Russen ganz verärgert über uns und ließen uns am Bach in eine Wiese marschieren die voll Wasser stand. Ja, wir waren sowieso durch und durch nass, aber jetzt sollten wir auch noch die ganze Nacht im Wasser liegen. Etwa 100 Meter nebenan stand kein Wasser und ein deutscher Leutnant sprach bei einem Posten vor, um uns dort niederzulegen, doch er wurde abgewiesen. Ich besorgte uns etwas Schilf vom Bach, wie noch viele andere, um unter den Kopf zu legen, damit der wenigstens im Trocknen lag, doch schlafen konnte man aber nicht.

Am 4. Morgen, als wir antraten um weiter zu gehen, machten einige nicht mehr mit; ein Posten ging hin und stieß sie mit dem Kolben in den Rücken, doch sie blieben ruhig liegen. Als die Kolonne sich einige hundert Meter entfernt hatte, wurden sie einfach erschossen und jeder gab sein Bestes, um mit weiterzukommen, denn sonst war der Tod ihm gewiss.

Am 4. Tag war wieder schönes Wetter und die Kleider trockneten am Leibe. An diesem Tag versuchten wieder 3 Ungarn abzuhauen, indem sie in eine Kirche flüchteten, doch alle 3 wurden erschossen. Am 5. Tag bekam ich die Stiefel nicht mehr an, denn meine Füße waren blau und geschwollen. So band ich mir meine Fußlappen mit einer Schnur um die Füße und marschierte so weiter, denn aufgeben wollte ich doch nicht. Nach einer Stunde nahm ein Russe mich aus der Kolonne und fragte, warum ich die Stiefel nicht anziehe: Ich zeigte ihm dann den Fuß und er ließ die Kolonne an mir vorbeigehen. Ich war sehr beunruhigt, denn ich wusste nicht, was er mit mir vorhatte, in den 5 Tagen hat man schon so manches gesehen. Am Ende der Kolonne waren die paar Panzerwagen und als der letzte vorbei kam, befahl er mir aufzusteigen und mit einem Sprung war ich oben und auf russisch bedankte ich mich bei ihm. Nun musste ich feststellen, dass auch noch anständige Posten unter ihnen waren. Ich machte meine Fußlappen los und es tat meinen Füssen gut, als die Sonne darauf schien und feine Herbstluft sollte sie schnellstens heilen. So konnte ich den ganzen Tag auf dem Wagen liegen und frische Kräfte sammeln für die letzten Tage. Am nächsten Morgen konnte ich die Stiefel wieder anziehen und in der Kolonne mitmarschieren, bis nach Rumänien.

*... (Fortsetzung folgt)*

## Neujahrswunsch

**(gekürzt)**

„A gutn Rosch“, so wünschte man,
Einander gutes, neues Jahr.
Den Glückwunsch kannte jedermann,
Wo jiddisch noch gebräuchlich war.

Rosch bedeutet Anfang, Kopf,
Und Rosch haschana neues Jahr.
Bis ein ignoranter Tropf
Aus Rosch das Wörtchen Rutsch gebar.

Trotzdem klingt der gute Rutsch
Vertraut und fröhlich obendrein.
Sinn und Wortgestalt sind futsch,
Doch sollte man nicht kleinlich sein.

Ingo Baumgartner

# Tambover Dag 2012

Den 10. November 2012 hat d'Amicale des Anciens de Tambov seng Memberen am Novotel op eng Agape mat duerno hirer Assemblée Générale aberuff. An senger Usprooch huet de President Gaston Junck d'Ziel vun der Associatioun erëm an Erënnerung geruff: Gedenkaarbecht an och den esou schwéieren Engagement fir de Fridden an der Welt. De Gaston Junck war méi wéi houfreg, den ëm déi 60 Memberen, déi sech um Kiirchbierg afonnt haten, matzedeelen, datt endlech e Monument zu Éieren vun den Lëtzebuerger Enrôlés de Force zu Tambov, a Präsenz notamment vum Staatsminister Jean-Claude Juncker an dem Wirtschaftsminister Etienne Schneider, ageweit ginn ass.

Zu der nämmlechter Geleeënheet, gouf der Madame Natascha Viazovova, laangjäreg Frëndin vun der Associatioun, eng Medaille vum Lëtzebuerger Staat iwwerreecht an dat fir hir Merci ze soen fir hiren Engagement fir d'Uleies vun den Enrôlés de Force.

D'Associatioun gesäit iwwregens all Joer eng Gedenk-Rees op Tambov an der Päischtvakanz vir. Déi 1. Rees ass vum 25. Mee bis 1. Juni 2013 an et sin nach e puer Plaze fräi (heifir kënn der Iech un de Sekretär vun der Associatioun (Léon Weis, 14 rue du X Octobre, L-7243 Béreldange, Tel. 33 86 35, leon.weis@education.lu) oder, nach besser, direkt un d'Organisatrice vun der Rees (Danielle Wenzel, 64, rue Belair, L-3820 Schifflange, Tel. 621 18 64 11, wenda@pt.lu) riichten.

D'Lëtzebuerger Lycéeën kënnen a nächster Zukunft un des Reesen associéiert ginn, entweder fir jonk Lëtzebuerger op Tambov oder jonk Russen op Lëtzebuerg ze bréngen.

Den emouvantsten Moment vun der Assemblée war, wéi d'Nimm vun de Komeroden virgedro goufen, déi eis 2012 fir ëmmer verlooss hunn.

An sengem Compte-rendu huet de Sekretär u Folgendes erënnert:

1) Den Depôt vun de neien Statuten vun der Associatioun um Handelsregester (November 2012)
2) Déi 8 Reuniounen vum Comité, dorënner 1 mam Staatsminister. Thema vun dësen Reuniounen wor d'Monument zu Tambov vu senger Konzeptioun (3 verschidde Projetën, dovun ee vum Jean-Pierre Dohm, goufen ënner d'Lupp geholl) bis zu senger Aweiung (Enn September 2012)
3) Niewent dem Opstellen vum Monument, wat hire Projet-Phare vum Joër war, war d'Associatioun vertrueden um Lampertsbierg an dat den 30. August 2012 fir d'Erënnerung un d'Aféieren vum Enrôlement forcé. Den 31. August 2012 sinn den Jos an de Vic. Steichen an och de Raymond Thommes op Wolz gangen, fir dem Streik ze gedenken an de nämmlechten Dag hunn si un enger Timberausstellung, déi och dësem Thema gewidmet wor, deelgeholl. Den 10. September 2012 woren de Jos an de Vic. Steichen um «Dag vun der Liberatioun» zu Esch. Zesumme mam Aloyse Bodson hunn se mat den Anniversaire vun de «Military Vehicle Collectors Luxembourg» gefeiert. Den 7. Oktober 2012 wor d'Associatioun präsent um Nationale Commemoratiounsdag.
4) D'Anciens de Tambov sinn ëmmer disponibel wann et drëms geet, eis jonk Leit ze informéieren an hinne vun den Leiden vum 2. Weltkrich ze zielen. Duerfir ass den Henri Beffort an den Lycée Robert Schuman Letzebuerg (LRSL) gaang an, am nämmlechte Geescht, hunn den Gaston Junck, Raymond Thommes, Jos Steichen a Jean-Pierre Dohm un der Journée de la Mémoire vum Dikrecher Kolléisch (LCD) deelgeholl.

D'Associatioun as finanziell gutt gestallt an dat duerch eng exemplaresch Gestioun vun hiren Caissier Paul Scholer.

E grousse Merci un d'Presse fir déi schéi Couverture vum Evenement vun Tambov, besonnesch un RTL a sengem Magazin. E spezielle Merci un de Jeannot Ries, deen eis de Film vum Evenement zur Verfügung gestallt huet. D'Projektioun vun dësem Film huet déi emouvant Säit vun der Zeremonie getrei erëmginn.

Merci un d'Presse fir déi verschidden Publikatiounen zum Thema Journée de Tambow.

**Léon Weis**

*Sekretär vun der Amicale des Anciens de Tambov*



# D'Strooflager RUWER

Bei all dene Victimen, déi am bluddege September 1942 vun de Preisen erschoss, gefoltert, verhaft, deportéiert oder op soss en Manéier verfollecht a gepéngecht goufen, a vun denen an dësen Erënnerongsdeg mat vollstem Recht geschwat a geschriwwe gët, bleiwt ëmmer e Grapp Jongen vun deemols onernimmt. Vill Leit wëssen haut iwwerhaapt nët, oder nët méi – an dobäi esouguer Leit déi et wësse missten – datt et déi jonk Lëtzebuerger Patriote gouf, déi sech op hir Manéier géint d'Preise gewiert hun. Dat woren der vun dene Jongen, ëm déi et sech jo deemools beim Streik haaptsächlech gedréit huet: ëm déi éischt Wehrpflichteg vun de Joergäng 1920-1924.

An der Woch no der „Einführung der Wehrpflicht" hat de Gauleiter eng „Verfassungsverordnung" erausgin, an den „Erfassungstermin zum Wehrdienst" as den 18. September 1942 um 18 Auer ofgelaf. Wie bis dohin dësem „Gestellungsbefehl" nët nokomm wor, gouf verhaft. Schon den Empfank op dene verschiddene Polizeirevéiere wor, je nodeem, méi oder manner häerzlech an d'Verhéier meeschtens och. Duerno koumen déi eng Jongen nach de selwechten Owend, déi aner den Dag drop, an de Prisong am Stadgronn.

Et woren der nët vill déi sech nët gestallt haten. Et woren der emol keng oder knapps zwanzeg! A wéi mer eis, iwwert eng Woch méi spéit, virum Oftransport am Prisongshaff gesin an heemlech gezielt hun, du si méi wéi engen d'Tréinen d'Baken erofgelaf. Mir hate gemengt, d'Preisen hätte nët Polizisten a Gestapisten genuch, fir all déi heem sichen ze goen, déi sech nët stelle wëllten. Well virdrun hat et jo ëmmer an iwwerall geheescht: Wann d'Preisen eis onbedéngt brauche fir hire knaschtege Krich ze wannen, da sollen se och gefällegst eis heem siche kommen.

Et kann ee jo haut soen, et wier, véierzéng Deeg nom Streik, onnëtz gewiescht fir den „Held" ze markéieren. Mir hun emol nët dodru geduecht. Mir wollten deemols absolut keng „Helde" sin, a mir wëllen dat grad esou wéineg haut. Mir hun deemols nëmmen impulsiv dat gemat, wat mir fir richteg gehalen hun. – Mä datt et der knapps zwanzeg woren, déi nët „gefollecht" haten, dat gouf engem awer e ferme Choc.

Loug d'Ursach dovun bei dene bluttroude Plakater, déi nach iwwerall dorëmmer houngen, wor et wéint dem schreckleche physeschen a moraleschen Terror, wor et wéint der berechtegter Angscht déi d'ganzt Lëtzebuerger Vollek, an domat och all eis Komerode vun dene betraffene Joërgäng erfaast hat? Et sief dann.

Eng ganz Rëtsch vu Jongen hate sech jo bei der Aféierong vum R.A.D. schon ewechgemat oder verstoppt. Dat wor ower och nach laang nët liicht. Fir déi meescht wor et vu vireran ganz onméiglech. Nëmmen déi wéinegst konnte sech et erlaben an et woen, an da goung et nach dacks nët riicht aus. Wann d'Preisen esou een erwëscht hun, dann as et him nët gutt ergaangen. Mä d'Strofe woren nët esou haart wéi fir déi Vergehen, déi mat der „Wehrpflicht" ze doen haten, wéi z. B. „Entziehung zur Wehrpflicht, Befehlsverweigerung, Selbstverstümmelung, Desertion, Überlaufen zum Feinde" asw. asw.

Dat mir 19 oder 20 Jongen (d'genee Zuel konnt hanneno ni méi festgestallt gin) deemols nët erschoss goufen, dat as eppes wéi e Wonner. Mä et hat ower trotzdem nët vill gefeelt. Datt mir mam Liewen dervu koumen hu mer nët enger barmhäerzeger Staut vum Gauleiter a senge Bluttséffer zu verdanken, mä enger kaler Rechnung vum Oberkommando vun der Wehrmacht selwer. Wéi eis den Här Aloyser Raths, Commissaire à la Résistance, gesot huet, geet dat ervir aus den Akten déi nom Krich zu Berlin fond goufen. Den O.K.W. huet sech nämlech dergéint gewiert, datt no dem Eklat, deen de lëtzebuergesche Generolstreik an der ganzer deemoleger fräier Welt ervirgeruff hat, elo och nach duerch Erschéisse vu Rekruten all denen aneren „fräiwëllege" Rekrutéierten Uleies géif gin fir Rebelliounen an anere Widerstand bannent der Arméi selwer. Dat wor nees eng Blamage weider fir de Gauleiter, an duerfir huet e versicht déi ganz Affär esou geheim ze hale wéi nëmme méiglech. Vun dene Verhaftongen as kee Wuert an d'Press komm, an et wousst kee Mënsch a keng Familljen wat mat dene Jongen geschitt wier oder geschéie géif.

Mä d'Preisen hun eng Léisong fond. Doranner woren se jo nët schlecht, si hate jo esouguer eng „Endlösung" fond fir d'Judden an aner „Untermenschen".

Hei hat et sech ergin, datt se nach fofzéng aner Jonge beim Streik verhaft haten, déi ower wéint hirem jugendlechen Alter vum „Standgericht" nët direkt zum Doud veruurtelt goufen. Et woren: 9 jonk Postbeamten, 3 jonk Resistenzler, 2 Stodenten an 1 erwëschte Refraktär. Mat denen anere 19 (20) woren et am ganzen 34 Jongen. Genuch fir e Strooflager ze fëllen. An esou eent haten se och scho gläich prett. Et wor e fréiert RAD-Lager, dat fir d'lescht als Duerchgangslager fir lëtzebuergesch Ëmgesiedelter gedéngt hat, an et loug zu Ruwer, hanner Tréier, nët wäit ewech vun Hinzert. Si hun et ganz schimmeg eng Kéier „Wehrertüchtigungslager", dann erëm „Erziehungslager" genannt, mä a Wiirklechkeet wor a sollt et e Strooflager sin.

De 24. September 1942 sin dun déi 34 jonk Lëtzebuerger Patriote vun der Gestapo mat engem Autobus vun der Stad Lëtzebuerg dohinner verschleeft gin. D'H.J. huet d'Lager vun der „Sicherheitspolizei" iwwerholl, a preisesch Zaldote woren dohinner ofkommandéiert gin fir d'Lager ze bewaachen a fir eis ze striizen. Duerno eréischt sin d'Eltere vun de Jongen opgefuerdert gin, Gezei asw. bei der „Befehlsstelle der H.J." zu Lëtzebuerg ofzegin. Spéiderhin goufen se dann endlech gewuer, wou d'Jongen internéiert woren, an si hun se och eng Kéier sonndes nomëttes ausgangs Oktober duerfe besiche goen.

Dertëschend wore mer eng Kéier an d'Stad gefouert gin fir „gemustert" ze gin. D'Musterung wor an der aller Kasär um Hellege Geescht. (Des Geleënheet huet dun eise Komerod, de Refraktär, benotzt fir sech aus dem Stëps ze maachen. D'Preisen hun en ni méi erëm kritt an e koum, no der Liberatioun, mat Dekoratiounen als „ancien combattant de l'armée secrète belge" heem. Leider huet hien eis virun e puer Joer fir ëmmer verlooss.)

Den 1. November 1942 gouf d'Lager Ruwer opgeléist. D'Jonge vun de Joergäng 1920-24 hun sech schon den aneren Dag an enger preisescher Kasär misste mellen, an déi aner, méi jonk, koumen entweder an den RAD oder op d'Buerg Stahleck.

Bal d'Halschecht vun dëse Jonge sin am Krich gefall oder duerno un de Suite vum Krich gestuerwen, an haut sin der nëmme méi nach 18 vun hinnen um Liewen.

Zum Schluss sief nach eent bemierkt: Fir eng Parti vun de Prisonéier aus den Strooflager Ruwer als et nët bei der éischter „Befehlsverweigerung" vum 18. September bliwwen, mä se gouf spéider duerch d'Desertioun aus der preisescher Wehrmacht op en Neits, ganz bewosst an nach méi stark konfirméiert.

Mir woren deemools jonk Lëtzebuerger, a Lëtzebuerger wollte mir sin a bleiwen. Mir hun eis gewiert, esou gutt wéi mir konnten, géint eng verhaasten Uniform, géint e friemen Okkupant, géint e verbriecheresche Regime, mä fir Fräiheet, Gerechtegkeet a Mënschlechkeet.

Mir hun eis ni gebretzt an an d'viischt Rei gequëtscht. Mir machen dat och nach haut nët. Mä wann d'Wourecht an d'Tatsaache vum September 1942 festgehale solle gin, dann duerfen d'Jonge vu Ruwer ower nët ganz iwwersin oder vergiess gin.

Gil Mandy*

*Lëtzebuerg-Bouneweg*

*30. September 1982*

* Note vun der Redaktioun: Den Här Mandy as den 3. Januar 2000 an der Zitha-Klinik no laanger Krankeet am Alter vu 79 Joër gestuerwen

***Lëscht vun de Prisonéier aus dem Strooflager „RUWER" September-November 1942***

***(sou wäit et bekannt as, sauf erreur ou omission, 30.09.1982)***

| | *Num* | *Virnum* | *Uertschaft 1942* | | *Verhaft* | | *Deserteur* | *Uertschaft 1982* |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | ALFF | Leon | Letzebuerg | Postbeamten | 02.-03.09.1942 | gefall | | |
